# Naturaktivitéite fir de Lycée

Offer vun den Naturschutzzentere
vun der Naturverwaltung



© Christof Weber

## Programm 2024/2025

Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

# Eis fënnef Naturschutzzenteren

## „D’Natur erliewen”

D’Haaptaufgabe vun der Naturverwaltung sinn nieft der Gestioun vun eise Bëscher an Naturschutzgebitter, de Public fir den Naturschutz an en nohaltege Verbrauch vun natierleche Ressourcen ze sensibiliséieren.

Dëser Aufgab stellen sech d’Naturschutzzentere vun der Naturverwaltung mat enger erliefnes-orientéierter Offer fir Naturaktivitéiten.
Mat Beweegung, Kreativitéit, Spill, Teamgeescht an och mat Stimulatioun vun de Sënner gëtt d’Bewosstsinn an d’Verantwortung vun de Kanner gestäerkt.



# Iwwersiicht


4 A Wiewesch

8 Biodiversum

12 Burfelt

16 Ellergronn

20 Mirador



© CNF A Wiewesch

# A Wiewesch

Am Häerz vu Manternach, ëmgi vu Felder, Weeden a Bongerte läit den **Naturschutzzentrum A Wiewesch**.

An der eemoleger Scheier an de Ställ vum Bauerenhaff ass eng interaktiv Ausstellung, zum Thema Naturschutz & Landwirtschaft. An dëser interaktiver Ausstellung gëtt op eng flott Aart a Weis gewisen, datt Landwirtschaft, Naturschutz an eng gesond Ernierung zesummenhänken an och ënnert anerem eist Klima beaflossen.

Nieft dem pedagogesche Gaart A Wiewesch, luet déi schéi Kulturlandschaft jiddereen an, fir op eisen didaktesche Weeër spadséieren ze goen, oder un eise sëllegen Aktivitéiten oder Workshoppen deel ze huelen.

**Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum A Wiewesch gëllt:**

- All Aktivitéit kann op Ufro mat enger Mëttespaus an eiser Grillhütt verbonne ginn.
- Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei. E Picknick ka matbruecht ginn.

awiewesch
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

## Infoen an Umeldung

12, Syrdallstrooss
L-6850 MANTERNACH

Tél: 247-56503

awiewesch@anf.etat.lu





## Wanderung, Naturschutz a Landwirtschaft

Wéi kënne mir d'Natur schützen an eppes fir d'Klima maachen?

Op eiser Wanderung (Léierpad Manternach-Lelleg) entdecke mir wéi Naturschutz a Landwirtschaft Hand an Hand ginn a firwat et sou wichteg ass mat verschiddenen Acteuren zesummen ze schaffen. Uschléissend kann eng Féierung duerch d'Ausstellung Naturschutz a Landwirtschaft ugebuede ginn.

Niveau

7ème 1ère




Wéini?
Ganzjäreg

## Naturschutz um Teller

Niveau

7ème 1ère



Wéini?
Ganzjäreg


Wéi kënne mir mam Choix vun eisem Iessen d'Natur schützen? Wou kommen eis Banannen hier a wéi gi se ugeplanzt?

Mir kucken eis u wat fir Liewensmëttel lokal produzéiert ginn a versichen ze verstoe wat nohalteg Ernierung bedeit. Natierlech schmaache mir och lecker lokal Produiten.



## Buedem – gesonde Buedem, gesond Iessen

Niveau




Wéini?
Mäerz bis Oktober

Buedemschutz, eng Erausfuerderung fir d'Biodiversitéit ze erhalen an eis Ëmwelt ze schounen. Et gëtt vill verschidde Biedem an alleguer erzielen se eng aner Geschicht.


Mat Hëllef vun Experimenter a Beobachtungen entdecke mir wéi villfälteg d'Liewen ënner der Uewerfläch ass.

## Ökologesch Wanderung

Léiert d'Ökologie vum Schluchtwald zu Manternach kennen. Souwuel ökologesch wéi och geologesch Aspekter gi geléiert. Mir entdecken den eenzegaartegen a gréisste Schluchtwald vu Lëtzebuerg mat senger Geologie, Geomorphologie, sengem Buedem a senger Vegetatioun.

Eng Geographin wäert d'Gebitt virstellen an op d'Entsteeungsgeschicht wéi och op de Liewensraum mat senger Biodiversitéit agoen.

Niveau




Wéini?
Ganzjäreg

## Erliefnis Wildnis

Niveau




Wéini?
Ganzjäreg
vun 9 bis 15 Auer

Feier maachen, Schnitzen, Spuere liesen a Spillen am Bësch fir dass d'Klass als Team gestäerkt gëtt a sozial Fäegkeete gefërdert ginn. Wärend engem spannenden Dag voller Abenteuer weise mir iech de richtegen Ëmgang an a mat der Natur. Dat Abenteuer erstreckt sech iwwer de ganzen Dag, Stockbrout um Feier abegraff.



## Nature-Connect

Den Handy, d'sozial Medien an den Internet si konstant Begleeder an eisem Alldag, och scho bei Jonker. Duerch verschidden natur- a bëschpedagogesch Übungen ouni dës Begleeder, wäerte mir d'Géigend ronderëm den Naturschutzzentrum A Wiewesch nei entdecken a kenneléieren.

Duerch selbststänneg Gruppenaarbechte ginn di perséinlech Interessie vun de Schüler*innen un eiser Ëmwelt an de Mëttelpunkt gestallt, mam Zil d'Relatioun tëschent der Natur an de Schüler*innen ze stäerken.

Niveau

7ème — 1ère

Wéini?
Ganzjäreg

**Nei!**

## Teambuilding an der Natur

Niveau

7ème — 1ère

Wéini?
Ganzjäreg

Zesumme spille mir Kooperatiounsspiller an der Natur, léieren eis kennen, stäerken den Teamgeescht, léiere mateneen ze kommunizéieren (verbal an net-verbal) a reflektéiere wéi d'Klass gemeinsam Léisungsstrategie ka fannen.






# Biodiversum

Den **Naturschutzzentrum Biodiversum** am wonnerschéinen Haff Réimech invitéiert de Visiteur, d'Villfalt vun der Natur vum Gebitt ze entdecken. Aus dem deemolege Kiselstengofbaugebitt ass e vun de schéinsten an ökologesch wäertvollste Fiichtgebitter zu Lëtzebuerg ginn.

An der interaktiver Ausstellung vum Naturschutzzenter gëtt de Visiteur ënner anerem alles iwwer d'Geschicht vum Museldall, de Liewensraum Weier, de Vullenzuch an d'Wichtegkeet vun der Biodiversitéit gewuer.

D'Haaptaufgab vum Zenter ass d'Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet wéi och vu Schoulklassen am Beräich Nohaltegkeet, Natur- an Aarteschutz.

**Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Biodiversum gëllt:**

- Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei.
- D'Aktivitéite fanne vir- an nomëttes statt an daueren op mannst 2 ½ Stonnen.

BIODIVERSUM
CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

## Infoen an Umeldung

5, Bréicherwee
L-5441 REMERSCHEN

Tél: 247-56533

biodiversum@anf.etat.lu



© Christof Weber

## Entdeckungstour Haff Réimech

Kommt mat op eng Entdeckungsrees duerch d'Weiergebitt Haff Réimech!

Wéi sinn d'Weieren entstanen? Firwat ass et elo e Schutzgebitt? A wien lieft hei iwwerhaapt? Zu all Joreszäit gëtt et eppes aneschtes ze entdecken!

Dës Aktivitéit dauert min. 2 ½ Stonnen (klengen Tour) oder 3 ½ Stonnen (groussen Tour).

Niveau

7ème 1ère

Wéini?
Ganzjäreg

## Déi grouss Rees vun de Vullen

Eemol Afrika an zeréck!

Wouhi verschwanne sou vill Vullen am Wanter? Wéi fanne si hire Wee? Wéi eng Geforen an Hindernisser musse si iwwerwannen? A firwat hu verschidde Villercher e Rank um Fouss?

Dës a weider Froe beäntwere mir zesummen a jee no Wieder hu mir vläicht souguer d'Méiglechkeet, engem Ornitholog beim Berénge vun engem Vull iwwer d'Schëller ze luussen.

Niveau

7ème 1ère

Wéini?
Abrëll bis Juli
a September bis Oktober
(wiederofhängeg)

## Vulle-Rallye

Niveau

7ème … 1ère

Wéini?
Februar bis Oktober

Mir sichen zesummen no Vullen am Fiichtgebitt. Dobäi gi mir dorop an, wéi eng Ënnerscheeder déi verschidde Vullenaarten hunn, wéi si liewen, wat si friessen a wat mir kënne maache fir si ze schützen.




## D'Liewen am Weier

Mir luussen zesummen ënner d'Waasseruewerfläch vun de Baggerweieren. Wat a wien lieft hei? Firwat sinn dës Planzen an Déieren esou wichteg? Wéi kënne mir si erkennen a wéi hinnen hëllefen? Zesumme léiere mir d'Ënnerwaasserwelt vum Haff Réimech kennen!

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

Niveau

7ème … 1ère

Wéini?
Juni bis Juli

## Schätz, Schierbelen, Schanken a méi ...

Niveau

7ème … 1ère

Wéini?
Ganzjäreg

Detektive vun der Vergaangenheet. Wat maachen Archeologen a wéi schaffe si? Mir sichen an der Ausgruewungskëscht no Bijouen, Keramik a Schanken an erfuerschen déi spannend Geschicht vun de Mënschen am Haff Réimech tëschent der Steenzäit an dem Mëttelalter.

Wat wäerten d'Leit wuel vun eis an dausend Joer fannen?

## Archeologesch Entdeckungsrees am Haff Réimech

E Paradäis aus Mënschenhand.

Den Haff Réimech ass e klengt Paradäis, dat aus Mënschenhand erschaf gouf.

Op dëser Tour léiere mir, wéi déi éischt Mënschen am Gebitt ronderëm de Biodiversum gelieft a wéi si d’Natur verännert hunn. Eis Entdeckungsrees erstreckt sech vun der Jongsteenzäit bis an eis Zäit.


Niveau




Wéini?
Ganzjäreg

## Orientéierung an der Natur, ouni Handy a GPS

Niveau




Wéini?
Ganzjäreg

Mir ginn zesummen op eng Wanderung an d’Natur.

Mir sichen eis e Wee, mee ouni Handy, mat enger Kaart an engem Kompass. Wéi fréier. Duerch eise Parcours léiere mir och d’Geologie, d’Geschicht an d’Biodiversitéit vun der Géigend kennen, déi sech eis presentéiert.


© CNF Biodiversum


## D’Klima an ech

Wat ass Klima? Ass dat dat selwecht wéi d’Wieder?

Duerch Experimenter a Perspektivewiessel gi mir zesummen dat Thema Klimawandel duerch.

Mir bewäerten eisen Afloss op d‘Klima duerch eis alldeeglech Handlungen an iwwerleeën zesummen, wéi mir d‘Klima positiv beaflosse kënnen.

Niveau




Wéini?
Ganzjäreg



© CNF Burfelt

# Burfelt

De **Naturschutzzentrum Burfelt** läit bei eisem schéine Stauséi un der Uewersauer.

De Stauséi sou wéi déi typesch Éisleker Koppen a Louhecke prägen dës Géigend. Duerch di roueg a wonnerschéi Landschaft fanne Visiteuren den direkte Wee zu der Natur.

Am Gebai aus dem 18. Joerhonnert kann een eng interaktiv Ausstellung entdecken, déi sech ëm de Bësch an all seng Funktiounen, d’Bezéiung vum Mënsch zum Bësch esou wéi eisen ökologesche Foussofdrock dréint.

All eis pedagogesch Aktivitéite sinn op dem “BNE” Prinzip opgebaut.

**Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Burfelt gëllt:**

- All eis Aktivitéiten ginn iwwer e ganzen Dag.
- W.e.g. matbréngen: gutt Schong fir an de Bësch, dem Wieder ugepasst Gezei a Verfleegung.
- Ee Grill steet zu ärer Verfügung.

Burfelt
Naturschutzzentrum
Centre nature et forêt

## Infoen an Umeldung

1, Burfelt
L-9660 INSENBORN

Tél: 247-565-21 / -25

burfelt@anf.etat.lu




## Lou-Schläissen

Wat huet d'Eescheschuel mat Lieder an Tënt ze dinn?

Duerch d'Lou-Schläissen de Wäert vun de Louhecken an hir kulturhistorisch Bedeitung méi no bréngen andeems d'Schüler *inne selwer eng Hand mat upaken.

Entdeckt mat eis, wéi kreativ ee mat der Lou schaffe kann.

Niveau

7ème 1ère

Wéini?

Mëtt Abrëll bis Mëtt Mee

## Atelier Holz

Niveau

7ème 1ère

Wéini?

Abrëll bis Oktober

Unhand vu Beispiller kréien d'Schüler *innen de Wäert vum Bësch erkläert. Zesumme mat de Schüler *inne sichen a fälle mir ee Bam a verschaffen e bis zum fäerdege Produit.



## Bësch – Mensch – Klima
## Eng Bezéiung am Wandel

Niveau

7ème 1ère

Hei léieren d'Schüler *inne wéi eng Roll eis Bëscher beim Klimawandel spillen a wat d'Ursaachen a Folge vun dem Ganze sinn. Wat kann een dergéint ënnerhuelen?

Wéini?
Ganzjäreg

## Footprint – ökologesche Foussofdrock

Wat ass een ökologesche Foussofdrock? Dat kréien d'Schüler *inne bei dëser Aktivitéit erklärt a léiere wéi si dee kënne reduzéieren. D'Iesspause sinn Deel vun der Aktivitéit well se do hire Foussofdrock direkt virun den Aen hunn.

Niveau

7ème 1ère

Wéini?
Ganzjäreg

## Survival – Iwwerliewen am Bësch

Niveau

7ème 1ère

Feier selwer maache mat verschiddenen Techniken, ee Läffel schnëtzen, Hütte selwer bauen a villes méi.

Wéini?
Ganzjäreg




## Kooperativ Erliefnisspiller

Duerch kooperativ Spiller gëtt d'Selbstvertrauen, den Teamwork an d'Kommunikatioun an der Grupp gefërdert.




Niveau





Wéini?
Ganzjäreg

## Eng Aktivitéit ganz no äre Bedürfnisser

Falls fir iech kee passend Thema dobäi ass an dir een Thema an der Schoul behandelt, kennt dir op Ufro eng passend Aktivitéit mat eis zesumme plangen.

Niveau




Wéini?
Ganzjäreg




# Ellergronn

Zwee Kilometer südlech vum Stadkär vun Esch-Uelzecht läit de **Naturschutzzentrum Ellergronn**, agebett têschent Bësch an Dréchewisen am Naturschutzgebitt mam selwechten Numm.

Hei trëfft alles openeen, wat de Räichtum vum Lëtzebuerger Süden ausmécht: engersäits eng divers Natur an anerersäits de Patrimoine vun der deemoleger Eisenindustrie.

Am Ellergronn ginn et nieft den naturpädagogeschen Aktivitéiten och Aktivitéiten, déi sech mat der Relatioun vu Mënsch, Natur an der Notzung vun den natierleche Ressourcë befaassen.

**Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Ellergronn gëllt:**

- Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei

ellergronn
Centre nature et forêt
Naturschutzzentrum

## Infoen an Umeldung

Forsthaus Ellergronn
L-4114 ESCH/ALZETTE

Tél: 247-56516

ellergronn@anf.etat.lu




## Natur-Rallye

Bei déser Rallye ass d'Erliefnis vun der Natur dat Wichtegst. Mat schaarfen Aen a gespëtztem Bläistëft entdecken déi Jonk wat de Bësch eis bäibrénge kann.

Niveau





Wéini?
September bis Dezember

## Herbarium

Zesumme léiere mir allerlee Planze kennen a kucke wéi een se bestëmme kann. Mir weisen iech eng einfach Approche fir är eege Planze-Schatzkëscht unzeleeën.

Niveau





Wéini?
Mee bis Oktober



## De Biergbau an d’Minnenaarbechter am Ellergronn

Niveau

7ème 1ère



Wéini?
Ganzjäreg

Wëllt dir gär méi iwwer de Biergbau an der Minn Cockerill wëssen?

Da sidd dir bei eis richteg. Kommt an erlieft firwat a wéi d’Minnenaarbechter iwwerhaapt Minetts-Steng aus de Stollen ofgebaut hunn.

Wat eng haart Aarbecht!

## Transitioun wéini?

Wéi ass den Zoustand vun eisem Planéit? A wéi gesäit et mat de Liewewiesen an der Natur aus?

Maacht iech mam Klimawandel vertraut a realiséiert weien Impakt mir Mënschen op eis Ëmwelt hunn.

Dir kritt ee Lückentext mat an d’Ausstellung a sicht, op dräi Stäck verdeelt, no wichtegen Informatiounen iwwert Natur, Klima an ... ?


Ouni Begleeder



© Malou Muschang

Niveau

7ème 1ère



Wéini?
Januar bis Juli


© Christof Weber

# Mirador

De **Naturschutzzentrum Mirador** ass an engem fréieren Industriegebai zu Stengefort ënnerbruecht.

Den Ofbau vum Sandsteen, Holz an Äerz huet d'Regioun laanscht d'Äisch verännert. Mëttlerweil huet sech d'Natur nees hier Platz zeréck geholl, d'Planzen an Déieren hunn hei en neit Doheem fonnt.

Spuere vun der Industriegeschicht an de Leit déi se gepräägt hunn, sinn awer nach op Schratt an Tratt ze begéinen.

D'Aktivitéiten déi de Mirador ubitt erméiglechen de Kanner eng aner Vue op d'Natur ze kréien a maachen se mat hirer Einfachheet an der Schéinheet vertraut.

**Fir all Aktivitéiten am Naturschutzzentrum Mirador gëllt:**

- Ofmeldunge musse spéitstens 24h virun der Aktivitéit per Mail oder Telefon erakommen.
- Bréngt w.e.g. mat: Fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasste Kleedung.
- Treffpunkt fir déi meeschten Aktivitéiten ass den Naturschutzzentrum Mirador.

## Infoen an Umeldung

1, Rue Collart
L-8414 STENGEFORT

Tél: 247-56541

mirador@anf.etat.lu




## Bësch a Konscht

Duerch Bewonnerung a Kreativitéit entwéckelen d'Kanner eng Bezéiung zu der wonnerbarer Natur, déi eist Doheem ass. Mir dekoréiere Beem, kreéiere Konschtwierker aus Holz, Steng, Blieder, Blummen a Buedem, mir mole mat Naturfaarwen, leeë Mosaicken aus oder och e grousse Mandala.

De Bësch freet sech schonn op är Konschtwierker an Iddien.

Niveau

7ème 1ère




Wéini?
Mäerz bis November

## Survival Atelier (Ganzen Dag)

Niveau

7ème 1ère



Wéini?
Ganzjäreg


Feier ufänken ouni Fixspoun a Briquet, eng Schutzhütt selwer bauen, Spuere liesen, sech orientéieren, Wëllplanze kenne léieren an nach villes méi.

Een Dag laang d'Natur aneschters erliewen an als Klass gemeinsam Aufgabe léisen. D'Abenteuer waart op iech!

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.

## Op Spueresich am Bësch

Niveau





Wéini?
Ganzjäreg

Eise Bësch ass voll mat Déieren, leider kritt een se net sou oft ze gesinn, si hannerloossen awer Spueren!
Mir léieren zesummen wéi se ausgesinn a wéi mir se liese kënnen.

Mir ginn zesummen op Spueresich, stellen eng Fotofal op an nach villes méi.

## Industriegeschicht a wéi d'Natur sech nees verbreet huet

Niveau




Wéini?
Ganzjäreg

Am Laf vun der Geschicht huet de Mënsch ganz Landschaftsbiller duerch Industrië verännert. Soubal déi awer net méi genotzt ginn hëlt d'Natur sech hirer nees ganz séier un.

Bei däser spannender Aktivitéit gi mir op Spueresich vun der aler Industrie, a wäerte vill Maueren a Gebaier, Schinnen an Tunnellen, komesch Fielsformatiounen an nach villes méi entdecken. Mir gesi wéi et fréier ausgesinn huet a wéi d'Natur sech nees verbreet a vun de Flechten a Moose bis hin zu engem Bësch entwéckelt huet.



## Team Building (Ganzen Dag)

Bei dëser Aktivitéit muss d'Klass verschidden Aufgabe meeschteren, déi just als Grupp ze packe si mat Hëllef vu Kommunikatioun, Kreativitéit, Duerchhalverméigen an enger gudder Portioun Teamgeescht.

No der Aktivitéit gëtt nach e klenge Bilan mat Réckbléck a Reflexioune gemaach.

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.

Niveau

7ème 1ère

Wéini?
Ganzjäreg

## Matschaffen am Naturschutz

Niveau

7ème 1ère

Wéini?
Mäerz bis November

Mir schaffen zesummen an eisem Naturschutzgebitt. Ofhängeg vun der Saison falen hei verschidden Aarbechten un wou dir kënnt mathëllefen, eis Biodiversitéit ze erhalen an ze verbesseren.

Allez hopp! D'Schaffhändschen undoen a lass leeën.

Iessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.



**Kontakt**
**Naturverwaltung**

81, rue de la Gare
L-9233 Diekirch

info@anf.etat.lu

www.emwelt.lu